LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madame Yuriko Backes, Ministerin fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°950 vum 28 Juni 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum TICE**

Den honorabelen Deputéierte Marc Georgen freet a senger parlamentarescher Fro Informatiounen iwwert den Alter an d'Amortissement vun de Busser vum TICE.

Als éischt schéngt et mer wichteg ze ënnersträichen dass den TICE ee kommunale Syndikat ass, dee Buslinnen am Süde bedreift. De Staat ënnerstëtzt d'gemengeniwwergräifend Busofferen mat engem Subside.

Vu dass den honorabelen Deputéierte Marc Georgen sech virop iwwer betriebsintern an operativ Inhalter zur Busflotte vum TICE erkënnegt, erlaben ech mer heimadder déi Informatioune weiderzereechen déi eis vum TICE kommunizéiert goufen.

D'Verbrenner, also Diesel a Gasbusser, ginn op 10 Joer amortiséiert. D'Elektro an d'Waasserstoffbusser (Brennstoffzellen) wäerten zukünfteg op 8 Joer amortiséiert ginn.

Wann d'Busser amortiséiert sinn, ginn se gréisstendeels ofgestouss. Duerch verschidde Facteuren, gi Busser och méi laang ewéi hier Amortisatiounzäit gehalen (Al Busser wou nach gutt a Stand gehale sinn a keng Problemer hunn, Verzuch an der Ausliwwerung vun neie Busser, en temporäre Besoin u méi Busser duerch Chantieren, asw).

Den Duerchschnëttsalter vun der aktueller Busflott vum TICE läit bei 5,96 Joer. Den eelste ass den 05.01.2009 immatrikuléiert ginn. Déi jéngste Busser sinn den 22.04.2024 immatrikuléiert ginn.

Déi neiste Busser aus der aktueller Flott wäerten am Laf vum Joer 2034 amortiséiert sinn, duerno wäerten se verkaf ginn.

De Käschtepunkt fir déi aktuell Busflott duerch Elektrobusser ze ersetze gëtt op 164 Milliounen Euro geschat.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes